PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 07/08/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Kommunikatioun & Medien weiderzeleeden.**

Verschiddenen däitsche Medien no, ass et chineeseschen Hackere gelongen, duerch ee geklaute Master-Key vu Microsoft, un d'E-Maile vun europäesche Verwaltungen ze kommen. Outlook, Sharepoint, Office365, Teams, Onedrive an Drëttsäiten, déi "Sign in with Microsoft" ubidden, solle betraff sinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Huet d'Lëtzebuerger Regierung Informatioune zu dësem Tëschefall vu Microsoft krut?
   Wa jo, wéi eng?
   Wann nee, wäert d'Regierung sech informéieren?

2. Wäert d'Regierung d'Verwaltungen uweisen, fir ze verhënneren, dass et zu Informatiounsleaks bei staatleche Servicer duerch vun den Hacker hannerloossen Hannerdieren kënnt?

3. Wéi schätzt d'Regierung d'Sécherheetsgefor vun dësem Tëschefall fir d'lëtzebuergesch Verwaltungen an?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten